# All Parteie fuedere méi Diskussioun am Walkampf

**Am Wahlsonntag hatte Radio ARA von 10-11.30 Uhr die Wahlkampfleiter von vier Parteien zum traditionellen Rundtischgespräch eingeladen. Unter der Leitung von Claude Simon diskutierten Raymond Becker (LSAP), Abbes Jacoby (Di Gréng), Kik Schneider (DP), Paul Weimerskirch (CSV) u. a. über den seichten Wahlkampf und die sterilen Rundtischgespräche bei den RTL-Medien. "forum" veröffentlicht einen interessanten Auszug aus der Debatte. Angesichts der allgemein bedauerten Verflachung de Wahlkampfs wird sich die "forum"-Redaktion überlegen, ob sie nicht wie vor 20 und 15 Jahren öfters öffentliche Rundtischgespräche veranstalten sollte, um auch zwischen Wahlkampfzeiten das politische Gespräch und den Ideenaustausch zu fördern.**

*Raymond Becker:* (...) Mer missten och diskutéieren, wat hu mer gemaach um Radio an um Fernseh. A mer missten och diskutéieren, op ee nët an der Gesellschaft méi Strukture misst schafe, fir de Leit d'Méiglechkeet ze gin, sech mat Politik auserneenzesetzen. Dat as dach de spréngende Punkt. Firwat nët och an der Schoul? D'Kanner misste scho vun der Primärschoul u gewinnt gin un Demokratie, un Diskussiounen.

*Abbes Jacoby:* An den Dageszeitunge leeft di Campagne jo ganz eesäiteg. Si as jhust axéiert op déi Partei, di där Zeitung nosteet. Firwat sin do keng Auseranersetzunge méiglech? Firwat leeft dat mat esou Scheiklappen of? Dat bedaueren ech natierlech. Mir Gréng, och d'DP, hu jo keen Accès zu deenen Zeitungen. Firwat nët amplaz vun der steriler Polemik emol seriö Debatten an Ausernanersetzungen zu engem Thema féieren?

> Accès à la télévision: Toute publicité politique a été interdite par le commissaire de gouvernement près de la CLT. Le temps des tribunes libres a été réduit de 24 minutes (six passages à quatre minutes) lors des dernières élections communales à maintenant cinq minutes (un passage) pour les élections législatives et cinq minutes (un passage) pour les élections européennes. ... Le nombre des tables rondes télévisées a été réduit de six (proposition initiale Hei elei) à trois...
>
> Accès à RTL 92,5: Ici encore, toute publicité politique a été interdite par le commissaire de gouvernement près de la CLT. Ici encore, le temps des tribunes libres a été réduit à un strict minimum: cinq minutes (élections législatives), cinq minutes (élections européennes). Les tables rondes ont été réduites à deux ...
>
> Accès au Luxemburger Wort: Contrairement aux élections communales, le Luxemburger Wort a refusé toute annonce payante pour un parti politique. ...
>
> L'accès aux médias télé, radio, presse écrite en situation de quasi-monopole étant interdit par les partis gouvernementaux, comment voulez-vous qu'un débat politique digne de ce nom puisse s'engager?
>
> Charles Müller (DP), in: d'Letzeburger Land, 3.6.1994

*Raymond Becker*: Déi Zeitung, di ons mi no steet, d'Tageblatt, définéiert sech an deene leschte Joren als Zeitung vun alle fortschrëttleche Leit zu Lëtzebuerg. An dat misst een am Prinzip och mierken, quitte dass an enger Walcampagne méi doriwer bericht gët, aus där Famill wu een hirkënnt.

*Claude Simon*: Mer mussen awer éierlech sin: An de leschte Woche wor d'Tageblatt d'Zeitung vun de Kandidate vun der LSAP. Weder am Text nach am Bild koumen anerer zu Wuert.

*Raymond Becker*: Ech hu jo ni de Géigendeel behaapt. Ech hu jhust gesot, d'Tageblatt gesäit sech als Zeitung vun de fortschrëttleche Leit zu Lëtzebuerg.

*Kik Schneider:* Mä si définéiere selwer, wee fortschrëttlech as.

*Abbes Jacoby:* Fir e konkret Beispill ze gin, huele mer di Geschicht mat deenen ominösen 100 Frang, di de Liter Benzin anscheinend deene Grénge no soll kaschten. Do as am Tageblatt an am Lëtzbuerger Wort dergéint polemikéiert gin. Ech hat doropshin mat engem Journalist aus dem Tageblatt Kontakt opgeholl, fir ze froen, ob een do nët kënnt e Sträitgespréich draus man, fir emol eng Kéier di zwou Positiounen z'erklären. Du krut ech als Entwert: Gleefs Du un de Kleeschen? Dat as ët, wat ech bedaueren. An der Walcampagne goufen eng ganz Rei Sujetën ugeschnidden, di een hätt kënne verdéiwen, mä ...

*Raymond Becker:* Den Terrain si nët die 30 oder 33 000 Exempläre vum Tageblatt ...

*Abbes Jacoby*: Nët nëmmen, mä och ...

*Raymond Becker:* Den Terrain sin di 80 000 Leit, di owes den Hei elei kucken. Do as de springende Punkt. A wa mir ët nët fäerdeg bréngen, op deem Nivo Débatën z'organiséieren, ... Ech kréien Tréinen an d'Aen, wann ech A2 kucken an de Kouchner mam Le Pen gesin diskutéieren, wu eppes erauskënnt, wu d'Leit soe: Do as en Ennerscheed, lo weess ech firwat ech wiele gin. Mä wann 10-12 Leit ronderëm en Dësch sëtzen an iwwerhaapt nët mateneen diskutéieren, wu jhust jidderee séng virbereete Sätz erofleiert,

do hu mer e graffe Feeler gemaach, als Regirungspartei, an als Parteien allgemeng, well mer ët dës Kéier nët fäerdeg kritt hun, ons virun der Campagne un en Dësch ze setzen an ze kucke, wat ma mer. Wa mer elo lamentéieren, 't wär nët genug diskutéiert gin, ka jidfereen sech e Stéckelchen erofschneiden. Et muss een eben de Courage hun, dat ze man.

*Kik Schneider:* Ween hat dann de Courage nët, dat ze man? Et as vun Ufank u gesot gin, 't as e rouege Walkampf. (...) Bei der CLT gët ët eng Programmkommissioun, wu och d'Parteien dra vertruede sin. An déi Kommissioun huet fënnëf Ronndëschgespréicher festgehalen, an dun as protestéiert gin, vun deene Gréngen ...

*Abbes Jacoby:* Dat as jo grad nët an der Kommissioun décidéiert gin, d'Kommissioun as iwerhaapt nët ageschallt gin. D'Regirung huet dat décidéiert.

*Kik Schneider:* Okay, mä ët koum am Numm vun der Kommissioun, ët wären der fënnëf. Dun as protestéiert gi vun Ärer Säit, zu Recht oder zu Onrecht, an dun as d'Zuel erofgesat gin op dräi. Op deem Fax, deen ech krut, stong drop: décision gouvernementale. Dat gëlt fir di konzessionéiert Sender. Et as kloer, dass mir aner da frustréiert sin. Hei as versicht gin, kee Walkampf ze man. Lo kann ee nët um Walsonndeg man, wi wann dat puren Zoufall war, an da soe, lo kräische mer. Dat as nët geschitt. Bei der leschter Table ronde um Hei elei huet een dat gudd gesin: Am viraus wor définéiert gin, wéi laang géif diskutéiert gin. An du ebeemol huet den Animateur Romain Goehrend gefrot: Maache mer nach en Tour de table, an du sot den Här Santer jo, an du konnten se nach en Tour de table man. Do huet ee genau gesin, u weem ët läit. Et as ganz schlëmm, dass op deene Sender kee Face-à-face ka gemaach gin, dass nët kann zu dräi oder véier diskutéiert gin, ... Duerfir huet d'Revue d'Initiative geholl, fir di dräi Parteipresidenten an den Cercle z'invitéieren an deen Owend as diskutéiert gin, ët as zu engen Débat komm. Wann awer iwert di do Aart a Weis di konzessionéiert Senderen zougedréint gi sin an di zwou grouss Tageszeitungen jhust no hire Kritären informéieren, däerf ee nët hei soen: ët as nët zu enger Campagne komm. Dat verdaamt ons aner op den Affichage an op d'Déplianten ze goen, dat sin di eenzeg Moyenën, di ons nach bleiwen.


*Raymond Becker*: Et as zu kenger Campagne komm, well d'Oppositioun keng Theme fonnt huet, di gegraff hun. Bei de Wale virdrun huet e populistesche Mouvement en Thema lancéiert - d'Renten - a schon hate mer d'Thema fir di ganz Campagne. Dat hu der dës Kéier nët fäerdeg bruecht. (...) Ech menge mer mussen eng ganz kal Analys vun där Situatioun man. Vläicht kënnt jo muar d'DP an d'Regirung. Mir si befaasst mat engem Uerteel vum Staatsrot. Wa mir ët nët fäerdeg bréngen, op engem Hei elei an op engem Radio zu véier responsabel Parteien - a déi sëtzen jo och hei um ARA zesummen - eng Debatt z'organiséieren, dann hale mer op. Do musse mer diskutéieren, anescht geet ët nët méi.

*Kik Schneider*: Do si mir direkt d'accord. Mä als responsabel Partei wëlle mir nët, wi d'lescht Kéier den ADR, jhust een Thema an d'Debatt geheie. Mir hun e ganze Fächer vu Problemer ugeschwaacht. Mir hun eng ganz Visioun vun der Zukunft.

*Abbes Jacoby*: Nach ee Wuert zu de Ronndëschgespréicher um Hei elei: Ech hun d'Impressioun, wi wann dat éischt Arrangement, géint dat mir ons gewiert hun, well di dräi grouss Parteien sech un all Table ronde gesat hun an da jhust eng kleng mat derbäi wollten huelen, si arrangéiert hätt. Da wär alles gelaf ouni vill Päffer an der Zopp. Mir haten eng ganz Rei Propositioune un RTL, un d'Mediekommissioun gemaach, z.B. fir 'débats contradictoires' tëscht engem Member vun enger Regirungspartei an engem vun enger Oppositiounspartei. Dat wär dann ausgeloust gin aus zwee Dëppen. Am Ausland gin ët genug Virbiller.

**Su laang di gréisst Dageszeitungen vun zwou Parteië kontrolléiert gin a keng Méiglechkeet as vun engem demokrateschen Débat, komme mer nët weider.**

Carlo Schmitz



> Behalten haben wir ... die ungemein drögen alten Zöpfe vorsintflutlicher Fernsehwahlkämpfe made in Luxembourg. Das Zauberwort heißt "runder Tisch". Dreimal versammeln sich in der heißen Phase des Wahlkampfs um einen runden Fernsehstudio-Tisch Vertreter wahlkämpferischer Parteien und geben Statements ab. Mehr nicht. Zum Rundtisch-Gespräch kommt es nicht, zur Auseinandersetzung schon gar nicht! Streit gibt es keinen, jeder darf drei Minuten reden - ob er was zu sagen hat oder nicht. (...)
>
> Schuldlos sind die Parteien allerdings nicht. Sie haben mehr oder weniger ohne Widerspruch - und offensichtlich gegen den Rat ihrer Wahlkampfmanager - zugelassen, daß die Regierung in Eigenregie festgelegt hat, wieviel Rundtischgespäche stattfinden, wie sie ablaufen und wer daran teilnimmt. (...)
>
> Allerdings wird man den Eindruck nicht los, daß das Ganze den "Hei elei"-Machern nicht ungelegen kommt. Gerade in den letzten Wochen vor dem Wahltag gibt es kaum eine Eigeninitiative. Alles beschränkt sich auf die von der Regierung bestellten Rundtisch-Happenings. Vor nachgewiesenermaßen populäreren, der Streitkultur förderlicheren Sendungs-Formen mit mehr Konfliktpotential schreckt man zurück. (...)
>
> Der Gelangweilte ist und bleibt der Zuschauer.
>
> Fern Morbach, in: Télécran 22/1994

Ech wollt awer nach en demokrateschen Aspekt vum Walkampf uschwetzen. Mir haten d'lescht Joer, wi d'Parteie sech getraff hu fir de Gemengewalkampf virzebreeden, Propsitioune gemaach, di natierlech direkt ënnert den Dësch gefall sin. Z. B. d'Propositioun, alle Parteie, di gewësse Kritären erfëllen, en Zougank zu sämtleche Medien ze garantéieren; de Staat sollt z.B. wi beim Radio oder der Télé an de Printmedien och Espace zur Verfügung stellen. Dat wär a méngen Aen e wichtege Schrëtt fir emol eng gewësse Gläichberechtigung ze kréien an er Debatt tëscht de Parteien, fir dass se emol di selwecht Startchance kréichen. Su laang di gréisst Dageszeitungen vun zwou Parteië kontrolléiert gin a keng Méiglechkeet as vun engem demokrateschen Débat, komme mer nët weider.

*Kik Schneider:* Mir véier hei um Dësch géngen ons do bestëmmt kënnen eens gin. Mä de Problem läit ëmmer bei mi marginale Parteië wi enger Nationalbewegung. Ech si bestëmmt en Demokart, mä 't gi Saachen, di du wéi an do muss ee sech Gedanke man, ier een dat nach méi grouss opzitt.

*Abbes Jacoby:* Obschon een d'Nationalbewegung och nët duerch d'Exclusioun eweg kritt. Et as e Phenomeen, mat deem ee sech muss ausernanersetzen. Ech mengen 't wär och geféierlech, wann ee géif higoen fir déi auszetrixen.

*Kik Schneider:* D'accord.

*Paul Weimerskirch:* Ech mengen, 't geet jo nët nëmmen ëm d'Nationalbewegung. Et geet ëm di Sträitkultur, di ee kann erabréngen an de Radio, an d'Televisioun, wann zéng Leit zesummesëtzen, egal vu watferenger Faarw. Ech wollt awer och nach den Här Jacoby berouegen. Sëcher hu mir als CSV en immense Virspronk, well mer an enger Dageszeitung mat 80 000 Lieser ons Publikatioune kënne man. Dat as eppes aneschtes wi wann ee muss mi kleng Medien gebrauchen. Mä d'CSV huet dem Wort näischt ze soen. Wann dee Virspronk esou total wier, da misst d'CSV jo och méi wi 30-35% vun de Stëmme kréien. D'Zeitung huet jo och u Crédibilitéit ze verléieren, wa se géif nëmme Schwaarzes ofdrécken. D'Wort as jo nët di meeschtgeliesen Zeitung, well d'CSV dodran as, mä d'Wort as di meeschtgeliesen Zeitung, well de Lieser där Zeitung di gréisste Crédibilitéit zouerkennt.

Carlo Schmitz

